



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuergesch Versioun vum *Système éducatif* (Men.lu)

Enseignement secondaire

Enseignement secondaire

Enseignement secondaire.....	2
Enseignement secondaire.....	4
Schoulesch Offer.....	5
Ëffentlech Schoulen	5
Den Enseignement secondaire classique (ESC)	5
Den Enseignement secondaire général (ESG).....	6
Den Enseignement européen	6
Den Enseignement britannique.....	7
Den Enseignement international	7
Spezifesch Offeren an de Sproochen	7
Aner speziell Offeren.....	8
Alternativ Strukturen.....	8
2e voie de la qualification.....	8
Privat schoulesch Offer	8
Organisatioun.....	10
Aschreiwung am Lycée	10
D'Direktioun vum Lycée	10
D'Servicer vun de Lycéeën	11
De SePAS – Service psycho-social et d'accompagnement scolaires	11
Den SSE - Service socio-éducatif	11
De CDI – Centre de documentation et d'information	11
D'Cellule d'orientation	12
De CIS - Commission d'inclusion scolaire de l'enseignement secondaire	12
De CDS - Cellule de développement scolaire.....	12
Di verschidde Gremien.....	12
De Conseil de classe	12
D'Conférence du lycée	12
De Conseil de discipline	12
D'Vertriedungen	13
De Comité de la conférence du lycée	13
De Comité des élèves	13
De Comité des parents d'élèves	13
De Conseil d'éducation	13
Léieren an evaluéieren.....	15
Léieren	15
Déi ënnescht Klassen am Enseignement secondaire classique (ESC).....	15

Déi ënnescht Klassen am Enseignement secondaire général (ESG)	15
Déi iewescht Klassen am Enseignement secondaire classique	16
Déi iewescht Klasse vum Enseignement secondaire général	17
Evaluéierung	17
D'Zensur	17
De Complément au bulletin	18
Ofschlossexamen	18
Schoulpersonal	20
Recrutement vun den Enseignant-Fonctionnaires	20
Zouloossungsvoraussetzungen	20
Studievoraussetzungen	20
Aschreiwung	21
Concours	21
Pedagogesche Stage an Nominéierung	22
Recrutement vu Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement	22
Recrutement vu Formateurs an der Erwuessenebildung	24

Enseignement secondaire

Zu Lëtzebuerg gëtt den Enseignement Secondaire vun den ëffentleche Schoulen (an der Haaptsaach Lycéeën), Privatschoulen, déi déi offiziell Programmer vum Ministère applizéieren, Privatschoulen, déi no anere Programmer funktionéieren, an den Europaschoulen assuréiert.

Déi ëffentlech Lycéeën adresséieren sech u Jugendlecher vun zwielef Joer un. Bis siechzéng Joer ass ee schoufflichteg. E komplette Lycéeszyklus (ouni Widderhuelung vun enger Klass) dauert siwe Joer.

Am ëffentlechen Enseignement gëtt et

- den *Enseignement secondaire classique* (ESC)
- den *Enseignement secondaire général* (ESG)
- den *Enseignement européen*
- den *Enseignement international*
- den *Enseignement britannique*
- den *Enseignement germano-luxembourgeois*

De sozialen, linguisteschen an technologesche Wandel vun der Gesellschaft huet eng Lycéesreform néideg gemaach. Dës Reform gouf am Juli 2017 gestëmmt. Zil ass, jiddwer Schüler d'Chance ze ginn, déi fir hie beschtméiglech Qualifikatioun ze erreechen, dëst op Basis vu senger Fäegkeeten an Intressen an onofhängeg vu sengen Originnen.

Schoulesch Offer

Méi wéi 41. 000 Schüler besichen déi ëffentlech a privat Schoulen, déi d'Programmer vum Educatiounsministère applizéieren. Dëst sinn:

- 37 ëffentlech Lycéeën
- 5 privat Lycéeën
- eng national Schoul fir Erwuessener
- 2 national Weiderbildungszentren (CNFPC)
- de Centre socio-éducatif de l'État (CSEE)
- de Centre de logopédie

D'Schoule bidden eng ëmmer méi breet gefächert Offer, fir der Villfalt vun de Schüler an hire Besoine gerecht ze ginn.

Ëffentlech Schoulen

37 ëffentlech Lycéeën a fënnef privat Lycéeën applizéieren den offizielle Programm vum Ministère, wat déi enseignéiert Inhalter, d'Evaluatioun, de Stonneplang asw. betrëfft. Déi digital Plattform www.mengschoul.lu, d'Dokument [Offre scolaire 2018-2019](#), dat all Joer aktualiséiert gëtt, an d'Broschür [Que faire après le 4e cycle de l'enseignement fondamental? / Was tun nach dem 4. Zyklus der Grundschule?](#) liwweren déi néideg Informatiounen iwwer d'Offer vun der jeeweileger Schoul.

All Lycée kann, am Kader vu senger Autonomie, eng pedagogesch Approche virschloen, spezifesch Klassen oder Moosnamen, déi de Besoinen an Erwaardungen vun senger Schüler entsprechen.

Den Enseignement secondaire classique (ESC)

Den Enseignement secondaire classique ass eng allgemeng Ausbildung iwwer siwe Joer. Zil ass, allgemeng Kenntnesser an de Beräicher vun den Humanwëssenschaften an der Literatur, der Mathematik an den Naturwëssenschaften ze vermëttelen. Den ESC bereet op en Héichschoul- oder Universitätsstudium vir a schléisst mat engem *Diplôme de fin d'études secondaires classiques* of.

Den ESC ass agedeelt an

- déi ënnescht Klasse 7^e, 6^e, 5^e an
- déi ieweschste Klasse 4^e, 3^e, 2^e a 1^{re}.

Vu 6^e u kënnen d'Schüler wielen tëscht Englesch, Latäin a Chineesesch (nëmmen den Athénée de Luxembourg bitt Chineesesch un). Vun der 5^e un hunn d'Schüler alleguer Englesch um Programm.

Um Enn vun der 4^e decidéieren sech d'Schüler fir eng vun dësen aacht Sektioneen:

- Sektoun A: Sproochen
- Sektoun B: Mathematik an Informatik
- Sektoun C: Naturwëssenschaften a Mathematik
- Sektoun D: Wirtschaftswëssenschaften a Mathematik
- Sektoun E : Konscht
- Sektoun F: Musekwëssenschaften
- Sektoun G: Human- a Sozialwëssenschaften
- Sektoun I: Informatik a Kommunikatioun

Den Enseignement secondaire général (ESG)

Den Enseignement secondaire général geet iwwer siwe Joer a schléisst mam *Diplôme de fin d'études secondaires générales* of. Dësen Diplom gëtt de Schüler déi nammlecht Rechter wéi den *Diplôme de fin d'études secondaires classiques*, esou datt si kënne schaffe goen oder awer hir Studie kënne fortsetzen (op enger Héichschoul oder enger anerer Schoul).

Den ESG ass agedeelt an

- déi ënnescht Klassen (7^e, 6^e, 5^e) vun der Voie d'orientation oder der Voie de préparation an
- déi [ieweschst Klassen](#) (4^e à 1^{re})

Den Unterricht an der **Voie de préparation** ass modular opgebaut, sou datt jiddwer Schüler säi Léierrhythmus selwer bestëmmen kann.

Je nodeem, wéi de Schüler ofgeschloss huet, kann en um Enn vun der 5^e générale de préparation weidermaache mat:

- enger *Formation professionnelle de base initiale* (berufflech Grond- oder Éischtausbildung);
- enger *5^e d'adaptation*;
- enger *Classe d'initiation professionnelle* (berufflech Aféierung).

Je nodeem, wéi de Schüler ofgeschloss huet, kann en no der **5^e générale d'orientation (oder 5^e générale d'adaptation)** weidermaache mat enger Formation professionnelle initiale (berufflech Éischtausbildung) oder enger vun dëse fënnef Fachrichtungen:

- Fachrichtung Verwaltungs- an Handelswiesen
- Fachrichtung Gesondheets- a sozial Beruffer
- Fachrichtung Allgemeng Technik
- Fachrichtung Konscht
- Fachrichtung Hotellerie an Touristik

All Fachrichtung ka verschidde Sektouren ëmfaassen.

An alle Fachrichtunge muss de Schüler um Enn vun der 1^{re} en Ofschlossexamen maachen, fir den *Diplôme de fin d'études secondaires générales* ze kréien.

Véier Lycéeën bidden **Ausbildungen a ganz spezifesch Beräicher un**: d'École d'hôtellerie et de tourisme du Luxembourg, de Lycée technique agricole, de Lycée technique pour professions éducatives et sociales an de Lycée technique pour professions de santé.

Den Enseignement européen

Verschidden international öffentlech Schoulen, déi zu véier öffentleche Lycéeën gehéieren, funktionéieren no de Programmer, Promotiounskriterien a Stonnepläng vum System vun den **Europaschoulen**. Jiddwer Schüler ka sech hei gratis aschreiwen. Dës Schoule bidden den europäeschen Enseignement secondaire (7 Joer) un, an enger franséischer, englescher oder däitscher Sektoun, mam Baccalauréat européen als Ofschloss. Dës Schoule sinn:

- d'[École internationale Differdange et Esch-sur-Alzette](#) (EIDE)
- d'[École internationale de Junglinster](#) (LLJ)
- d'[École internationale Edward Steichen Clervaux](#) (LESC)
- d'[École internationale de Mondorf-les-Bains](#) (EIMLB)

Déi Sektione mat den aneren EU-Sproochen ginn an Europaschoulen ugebueden, déi net zum öffentleche Schoulsystem gehéieren.

Den Enseignement britannique

D'[International School Michel Lucius](#) (LML) bitt **engleschsproocheg Klasse** mat engem briteschen Ofschloss un ([International General Certificate of Secondary Education](#) (IGCSE), [Advanced Subsidiary level](#) (AS-levels) an [Advanced level](#) (A-levels)).

Den Enseignement international

Den Enseignement secondaire international geet iwwer siwe Joer, woubäi déi lescht zwee Joer der 2^e a 1^{re} vum Programm vum Baccalauréat international entsprechen.

E **Baccalauréat international** kann ee maachen am [Lycée technique du Centre](#) (BI op Franséisch), am [Athénée de Luxembourg](#) (BI op Englesch) an am [Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette](#) (BI op Englesch). Et handelt sech heibäi ëm e Bac classique, deem an 143 Länner ugebueden a vum Lëtzebuerger Gesetz als äquivalent zum *Diplôme de fin d'études secondaires* unerkannt ass. (Liest och d'Rubrik [Scolarisation vun auslännesche Schüler](#))

De [Schengen-Lycée](#) oder „Deutsch-Luxemburgisches Schengen-Lyzeum“, bitt eng binational a grenziwwerschreidend Offer un, déi Elementer vum däitschen a vum lëtzebuergesche Bildungssystem integréiert. Dësen däitsch-lëtzebuergesche Léierplang schléisst mat engem däitschen Diplom („allgemeine Hochschulreife“) an dem Lëtzebuerger *Diplôme de fin d'études secondaires* of.

Weider Infoen

Spezifesch Offeren an de Sproochen

Däitsch als Friemsprooch: „Allemand langue étrangère – ALLET“
Dës Klasse si fir Schüler vu 7^e bis 5^e, déi ganz gutt Kenntnesser am Franséischen an an der Mathematik hunn, mee net esou gutt sinn am Däitschen. Däitsch gëtt hei verstärkt enseignéiert.

„FrançaisPLUS“:

Dës Klasse si fir Schüler mat engem gudden allgemengen Niveau, déi awer Schwächen am Franséischen hunn. Op 7^e, 6^e a 5^e ginn et hei zousätzlech Stonnen am Franséischen.

„Classes à langue véhiculaire française – LVF“: An dëse Klasse gëtt all Fach op Franséisch enseignéiert. Däitsch gëtt um nämmechten Niveau enseignéiert wéi an de reguläre Klassen. Dës Offer adresséiert sech u Schüler, déi déi lëtzebuergesch Grondschoul besicht hunn, ma Coursen op Franséisch virzéien.

„Classes d'accueil et classes d'insertion“: Dës Klasse si fir Schüler vun 12 bis 15 Joer, déi nei an d'Land koumen an net déi néideg Sproochkenntnesser hunn, déi am Lëtzebuerger Schoulsystem gebraucht ginn. Si kréien Intensivcoursen an der franséischer oder der däitscher Sprooch an Aféierungscoursen an d'Lëtzebuergesch. (Liest och d'Rubrik [Scolarisation des élèves étrangers](#))

„Classes à régime linguistique spécifique“: Dës iewescht Klasse vum Enseignement secondaire général adresséieren sech u Schüler, déi d'Franséisch beherrschen, awer net déi néideg Kompetenzen am Däitschen hunn.

Weider Informatiounen ginn et an der Rubrik [Scolarisation des élèves étrangers](#).

Aner speziell Offeren

„**Classes d'insertion pour jeunes adultes – CLIJA**“: Dës Klasse si fir Schüler vu 16 Joer un, déi nei an d'Land koumen.

„**Trouble spécifique du développement du langage – TSL**“: Dës ënnescht Klassen (7^e, 6^e, 5^e) vum [Lycée technique du Centre](#) si fir dysphasesch Schüler.

„**Cours d'orientation et d'initiation professionnelle – COIP**“: Dës Klasse gi vun den nationalen Zentre fir beruflech Weiterbildung (CNFPC zu Esch-Uelzecht an Ettelbréck) gehalen. Si adresséieren sech u Schüler iwwer 18 Joer, déi d'Bedingungen net erfëllen, fir sech an d'beruflech Weiterbildung anzuschreien, oder net déi néideg Kompetenzen hunn, fir um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen, an/oder d'Schoul ofgebrach hunn.

Alternativ Strukturen

Dës Strukture vum ëffentlechen Enseignement secondaire classique a secondaire général hunn e besonnesche Status am Hëllef op innovativ Léiermethoden, offrëieren awer dee selwechte Programm a féieren zu deene selwechten Diplomer wéi déi traditionell Lycéeën.

- de [Lycée Ermesinde](#), Ganzdagsschoul ;
- de [Schengen-Lycée](#) oder „Deutsch-Luxemburgisches Schengen-Lyzeum“, binational, grenziwwerschreidend Schoul zu Pärel an Däitschland ;
- de [Sportlycée](#), fir Schüler, déi Héichleeschtungssport bedreiwen ;
- d'[École nationale pour adultes](#) fir Jugendlecher a jonk Erwuessener, déi d'Schoul ouni unerkannten Ofschloss ofgebrach hunn oder keng Léierplaz fonnt hunn, awer all d'Bedingungen erfëllen, fir eng Berufsausbildung ze maachen.

2e voie de la qualification

D'2e voie de la qualification oder zweete Bildungswee gehéiert zur [Erwuessenebildung](#) an der [Berufsausbildung](#) an ass fir déi Leit geduecht, déi hir Éischtausbildung net fäerdeg gemaach hunn a gär eng Grondausbildung géife maachen, fir en *Diplôme de l'enseignement secondaire général*, en *Diplôme de l'enseignement secondaire classique* oder en *Diplôme/Certificat de la formation professionnelle* ze kréien. Fir den Enseignement secondaire classique ginn et Coursen à distance um [Portail eBac](#).

Privat schoulesch Offer

Fënnef privat a vum Staat subventionéiert Schoulen enseignéieren nom offizielle Programm:

- [École privée Marie-Consolatrice](#) (EPMC)
- [École privée Sainte-Anne](#) (EPSA)
- [École privée Fieldgen](#) (EPF)
- [Lycée privé Emile Metz](#) (LPEM)
- [École privée Notre-Dame](#) (Sainte-Sophie) (EPND)

Fënnef privat a vum Staat zum Deel subventionéiert Schoule verfueren no anere Programmer:

- [Fräi-ëffentlech Waldorfschoul Lëtzebuerg](#)
- [St. George's International School](#)
- [International School of Luxembourg](#) (ISL)

- [Lycée français du Luxembourg](#) (Vauban)
- [École Privée Grandjean asbl](#)

D'[Europaschoulen \(EE\)](#) huelen an der Haaptsaach Kanner vun den EU-Fonctionnaires op, déi dann an hire respektive Mammesproochen enseignéiert ginn. Dës Formatiounen schléisse mat engem europäesche Bac, Baccalauréat européen, of. Och Kanner, deenen hir Eltere bei aneren zwëschestaatleche Institutiounen oder bei private Betriber schaffen, déi e spezielle Kontrakt mat de Schoulen ofgeschloss hunn, kënnen opgeholl ginn. Aner Kanner kënnen ëmmer dann opgeholl ginn, wann nach Plaze fräi sinn

- [École Européenne de Luxembourg I](#)
- [École Européenne de Luxembourg II](#)

Organisatioun

Den Enseignement secondaire ënnersteet an direkter Weis dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend.

Déi ëffentlech Lycéeën adresséieren sech u Jugendlecher vun zwielef Joer un. Bis siechzéng Joer ass ee schoufflichteg. E komplette Lycéeszyklus (ouni Widderhuelung vun enger Klass) dauert siwe Joer.

Aschreiwung am Lycée

Nom Ofschloss vun der [Orientéierungsprozedur](#) fir de Wiessel vun der Grondschoul an de Lycée schreiwen d'Elteren hiert Kand an de Secondaire an.

Den Enseignant vun der leschter Grondschoulass gëtt den Elteren déi néideg Dokumenter fir d'Aschreiwung an de Lycée:

- eng Kopie vum Ofschlossbilan vum 4. Zyklus (bilan de fin de cycle)
- e korrekt a komplett ausgefüllten Aschreiwungsformulaire
- eng Kopie vum Orientéierungsbescheed
- eng rezent Passfoto vum Schüler

Fir d'Europaschoulen, déi international, britesch an däitsch-lëtzebuergesch Schoule kënnen d'Aschreiwungsprozeduren an d'Zougangskonditiounen ënnerschiddlech sinn. Hei ass et besser, sech direkt beim betreffende Lycée ze informéieren.

D'Direktioun vum Lycée

Den Direkter ass zoustänneg fir de gudde Fonctionnement vum Lycée. Hien ass den direkte Chef vum Personal, de pedagogesche Responsablen an de Verwaltungschef vun der Schoul. Den Direkter heescht och de [Schoulentwécklungsplang](#) gutt.

De stellverriedenden Direkter ënnerstëtzt den Direkter, andeems en eng Rei Aufgaben iwwerhëlt, déi den Direkter him iwwerdréit. Hien ersetzt den Direkter, wann deem net do ass.

Den Direkter ka sech fir d'Organisatioun vum Unterricht an d'Ëmsetzung vun der Autonomie vum Lycée vun Enseignanten ënnerstëtze loossen, déi der Direktioun dann zougedeele ginn. Den **Direktiounsattaché** ka virun allem de Kontakt mat den Elteren an de Schüler assuréieren.

D'Servicer vun de Lycéeën

De SePAS – Service psycho-social et d'accompagnement scolaires

An den ëffentleche Lycéeën an och verschiddene private Lycéeën iwwerhëlt de *Service psycho-social et d'accompagnement scolaires* (SePAS) verschidden Aufgaben, déi de Schüler zegutt kommen:

- e bitt de Schüler eng psychologesch, perséinlech a sozial Berodung;
- en ass un der Gestaltung vun der Orientéierungsprozedur vum Lycée bedeelegt;
- e begleet d'Schüler bei hirer schoulescher a beruflecher Orientéierung;
- en hëlleft de Schüler a schwierege schouleschen, psychologeschen oder familiäre Situatiounen;
- en ass bei de Klassekonferenzen derbäi, fir sécherzestellen, datt Moossnamen, déi fir de Schüler decidéiert goufen, weider assuréiert sinn;
- en ënnerstëtzt d'Léierpersonal, wa Schüler mat Problemer opgehooll ginn;
- en organiséiert Preventiounsaktivitéiten.

De SePAS vun de Lycéeën setzt sech zesummen aus Psychologen, Sozialaarbechter, Léierkräften, Erzéier (Educateurs gradués).

D'Concertatioun tëscht den verschiddenen SePASen, den Austausch vu Praktiken, déi sech bewäert hunn, d'Bereetstellung vu Ressourcen an d'Joresevaluatioun vun der psychosozialer Begleedung an de Lycéeën gi vum CePAS – *Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires* – organiséiert. De CePAS geréiert och d'Ufro fir **finanziell Ënnerstëtzungen** (a Form vu Subventiounen fir akommesschwaach Stéit a Subventiounen, fir datt d'Schüler am Schoulsystem bleiwe kënnen), déi vun de SePAS an de CePAS weidergereecht goufen.

Den SSE - Service socio-éducatif

Zu den Aufgabe vum *Service socio-éducatif* (SSE) vum Lycée gehéiert et:

- Betreuungsaktivitéiten, ausserschoulesch Aktivitéiten (kulturell Aktivitéiten, Sportevenementer asw.) an Hausaufgabebetreiung ze organiséieren,
- déi sozial a perséinlech Kompetenze vun de Schüler ze fërderen, dat duerch sozialpedagogesch Projeten an enker Zesummenaarbecht mat dem Léierpersonal,
- e Schouloffbroch ze verhënneren,
- dofir ze suergen, datt et net zu Gewalt a Konflikter kënnt,
- Schüler mat Problemer ze hëllefen.

Dës Aktivitéiten an Interventiounen gi baussent de Schoulstonnen organiséiert oder während deene Schoulstonnen, wou de regulären Enseignant net do ass.

De CDI – Centre de documentation et d'information

All Lycée huet en *Centre de documentation et d'information* (CDI), deen Deel vum pedagogesche Schoulkonzepst ass. Am CDI kréien d'Schüler gewisen, wéi een Informatiounen sicht, virun allem mat Hëllef vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. D'Mataarbechter vum CDI betreien an hëllefen de Schüler, déi hei während deene Stonnen schaffen, wou se keng Coursen hunn. De CDI ass och fir d'Liesfërderung zoustänneg.

D'Cellule d'orientation

D'*Cellule d'orientation* ass fir d'Bildungs- a Beruffsorientéierung am Lycée zoustänneg. Et geet drëms, d'Schüler iwwer de Schoulsystem, déi méiglech Ausbildungen an Héichschoulstudien ze informéieren, hinnen dat sozio-ökonomescht Ëmfeld a virun allem den Aarbechtsmaart ze erklären an hir Kompetenzen auszebilden, fir datt si hire Bildungsweg wien an e perséinleche Studieprojet ausschaffe kënnen.

D'Studieberodung besteet aus Membere vum Léierpersonal an dem pedagogeschen oder psychosoziale Personal.

De CIS - Commission d'inclusion scolaire de l'enseignement secondaire

De CIS (Inclusiounskommissioun vum Enseignement secondaire) definéiert, op Ufro vun den Elteren oder dem Direkter, d'Modalitéite vun der Betreierung vu [Kanner oder Jugendleche mat spezifesch Bildungsbesoinen](#) an iwwerwaacht d'Ëmsetzung vun de Betreuungsmaassnahmen.

De CDS - Cellule de développement scolaire

De CDS (Schoulentwécklungsbüro) soll d'Schouldaten analyséieren an interpretéieren, déi prioritär Besoinen identifizéieren an d'Strategien zur Schoulentwécklung definéieren. E schafft eng Schoulcharta aus, de Schoulentwécklungsplang a -profil, dëst an Zesummenaarbecht mam Bildungsrot.

De Schoulentwécklungsbüro setzt sech zesummen aus Membere vun der Direktioun an der *Conférence du lycée* (Lycéeskonferenz), déi vum Direkter fir eng Dauer vun dräi Joer – déi verlängert ka ginn – genannt ginn.

Déi verschidde Gremien

De Conseil de classe

Fir all Klass gëtt et e *Conseil de classe* oder Klasserot, deem sech iwwer d'Ëmsetzung vum Unterrichtsprogramm austauscht an iwwer d'Fortschrëtt, d'Aarbechtsverhalten an d'Disziplin vun de Schüler diskutéiert. Dës Klassekonferenz decidéiert, ob e Schüler an déi nächst Klass ka wiesselen, gëtt Orientéierungsavise eraus a recommandéiert oder operleet dem Schüler Nohëllef bei schoulesche Schwieeregkeeten.

De Conseil de classe besteet aus dem Direkter oder sengem Vertrieder an alle Professere vun de Fächer, déi an där Klass um Programm stinn. D'Membere kommen allkéiers zesummen, wann de gudden Fonctionnement vum Unterricht an den Erhalt vun der Disziplin an der Klass dëst néideg maachen.

D'Conférence du lycée

An der *Conférence du lycée* kommen d'Membere vum Léierpersonal an d'Membere vun de Servicere vun der Schoul zesummen. Dës Lycéeskonferenz gëtt hiren Avis of zu allen Theemen, déi de Minister oder den Direkter un si erundréit. Si deliberéiert aus eegener Initiativ iwwer all weesentlech Sujeten, déi den Unterricht an d'Erzéiung am Lycée betreffen.

De Conseil de discipline

De *Conseil de discipline* oder Disziplinarrot muss sech concertéiere bei Verstéiss, déi dozou kéinte féieren, datt de Schüler d'Schoul muss verloossen. E setzt sech zesummen aus zwee Membere vun der Direktioun, dräi Enseignanten, engem Member vum SePAS an engem Elterevertrieder.

D'Vertriedungen

De Comité de la conférence du lycée

De *Comité de la conférence du lycée* vertritt d'Enseignantë bei der Direktioun, dem Minister, dem Schülercomité an dem Elterecomité. En ënnerbreet dem Direkter Proposen zu alle Froen, déi den Unterricht an d'Erzéiung am Lycée betreffen, a mécht Virschléi fir d'Weiderbildung vum Personal.

De Comité des élèves

Den *Comité des élèves* oder Schülercomité vertritt d'Schüler bei der Direktioun, dem Comité de la conférence du lycée an dem Elterecomité. En informéiert d'Schüler – iwwer de Klassendelegéierten – iwwer hir Rechter a Flichte bannent der Schüलगemeinschaft a formuléiert Proposen zu allem, wat mam schoulesche Liewen a mat der Aarbecht vun de Schüler ze dinn huet. En organiséiert och kulturell, sozial a sportlech Aktivitéiten am Lycée.

D'Membere vum Schülercomité gi vun alle Schüler vun der Schoul ënner deene Schüler gewielt, déi sech fir de Schülercomité gemellt hunn.

D'Schülercomitéë vun deene verschiddene Lycéeë schécken all een Delegéierten an d'national Schülerkonferenz, d'**Conférence nationale des élèves (CNEL)**. Der CNEL hir Aufgabe bestinn doran, d'Schüler an d'Schülercomitéë beim Minister ze verrieden, Avisen zu Froen, déi de Minister dem CNEL stellt, a Proposen zum schoulesche Liewen an der Aarbecht vun de Schüler ze formuléieren.

De Comité des parents d'élèves

De *Comité des parents d'élèves* (Elterecomité) vertritt d'Eltere vun de Schüler bei der Direktioun, dem Comité de la conférence du lycée an dem Schülercomité. En informéiert d'Elteren, wann se Froen zum Unterricht am Lycée hunn. Den Elterecomité kann och kulturell a sozial Aktivitéiten organiséieren a Propose formuléieren, déi d'Organisatioun vum Unterricht an der Aarbecht vun de Schüler betreffen.

De Comité schéckt Elterevertrieder an de *Conseil d'éducation*, designéiert de Vertrieder am *Conseil de discipline* a wielt zwee Vertrieder, déi hirersäits bei de Wale fir den nationalen Elterecomité ([*représentation nationale des parents d'élèves*](#)) matmaachen.

De Conseil d'éducation

De Bildungsrot (Conseil d'éducation) hält d'Schoulcharta un a gëtt seng Zoustëmmung zu autonome Moosnamen, zur Organisatioun vun de Wochestonnepläng an der Verdeelung vum Budget, deen d'Schoul zougedeelt krut. En heescht d'Betreiungskonzept gutt a formuléiert Proposen zu alle Froen, déi mam schoulesche Liewen an der Organisatioun vun der Schoul ze dinn hunn. E gëtt säin Avis of zum Budgetsplan an ass un der Ausschaffung vum Schoulentwécklungsplan (PDS) bedeelegt.

De *Conseil d'éducation* besteet aus dem Direkter an den Delegéierte vun der Lycéeskonferenz, dem Schülercomité an dem Elterecomité. E ka Vertrieder vun de lokalen Autoritéiten, aus der Wirtschaft, dem Veräinslieden oder dem kulturelle Liewe mat bäihuelen.

Léieren an evaluéieren

Léieren

D'Léierforme variéiere mam Typ vum Enseignement secondaire an de Klassen. Informatiounen iwwer d'Fächer an de Stonneplang, d'Unterrichtssprooch an den Evaluatiounsmodus fir eng prezis Klass stinn online ënner [„horaires et programmes“](#).

Den Enseignement secondaire classique an den Enseignement secondaire général ëmfaasse siwe Schouljoer, dovunner dräi „ënnescht Klassen“, an zwar 7^e, 6^e a 5^e, a véier „ieweschst Klassen“: 3^e, 2^e a 1^{re}.

Déi ënnescht Klassen am Enseignement secondaire classique (ESC)

De Léierplang an den ënneschte Klasse vum ESC ëmfaasst déi heite Fächer:

- Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch, Englesch, Latäin, Chineesesch
- Mathematik, Informatik
- Biologie, Chimie, Physik, Naturwëssenschaften, Geographie, Geschicht
- Konscht, Musek, Sport
- praktesch Ausbildung
- Wäerteunterricht: Liewen a Gesellschaft

Wann se op 6^e kommen, hunn d'Schüler d'Wiel tëschent dem Léierplang mat Latäin oder Chineesesch oder dem Léierplang mat Englesch. Vu 5^e u steet Englesch um Programm vun all Klass.

Am Allgemenge gëtt all Matière an den ënneschte Klassen op Däitsch enseignéiert, ausser Franséisch a Mathematik. Vu 4^e un ass d'Unterrichtssprooch Franséisch.

Déi ënnescht Klassen am Enseignement secondaire général (ESG)

Den Enseignement an den ënneschte Klasse vum ESG soll de Schüler déi fir déi ieweschst Klassen oder fir d'Berufsausbildung néideg Kompetenzen a Kenntneser vermëttelen. Déi ënnescht Klassen deelen sech op an Orientéierungsklassen (*voie d'orientation*) a berufsvirbereedend Klassen (*voie de préparation*).

De Léierplang vun den **Orientéierungsklassen** ëmfaasst dës Léierberäicher:

- Däitsch, Englesch, Franséisch, Lëtzebuergesch
- Mathematik
- Naturwëssenschafte mat Physik, Chimie a Biologie
- Sozialwëssenschafte mat Geschicht a Geographie
- Sport, Konscht a Musek
- Informatik, Ateliersunterricht
- Wäerteunterricht: Liewen a Gesellschaft

Um Schoulprogramm stinn och praktescht an handwierklecht Schaffen esouwéi Aktivitéiten, déi den Iwwergank an d'Berufsliewe méi einfach maachen.

Op 6^e gi Mathematik, Däitsch a Franséisch op zwee Niveauen enseignéiert (Basiscours a Leeschtungscours). Op 5^e kënn Englesch derbäi.

An de berufsvirbereedende Klasse ginn Däitsch, Franséisch, Mathematik, Allgemengwëssen, d'Walfächer an den Ateliersunterricht souwéi de Sport a Modüllen enseignéiert. Dëse Bildungswee adresséiert sech u Schüler, déi net déi gefuerdert Kompetenzsockelen um Enn vum 4. Zyklus vun der Grondschoul erreecht hunn. Jee nodeem, wéi eng Resultater si opweises hunn, kënnen d'Schüler an eng Orientéierungsklass oder eng Klass vun der Berufsausbildung wiesselen (DAP oder CCP).

De kompetenzorientéierten Usaz

An den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire classique an dem Enseignement secondaire général ass den Unterricht kompetenzorientéiert.

Ënner Kompetenz versteet een d'Fäegkeet vum Schüler, systematesch Kenntnesser, Fäegkeeten an Astellungen anzesetzen, fir eng adequat Léisung zu enger Problemstellung ze fannen.

D'Kompetenzsockele beschreiwen d'Kenntnesser an d'Kompetenzen, déi d'Schüler nohalteg um Enn vun der 6^e an der 5^e musse kënne beherrschen.

An de Sproochen an der Mathematik ginn dës Kompetenzen op zwee Niveaue vermëttelt: Cours de base (Basiscours) a Cours avancé (Leeschtungscours).

D'Sockele sinn net identesch mam Léierplang, deem den Inhalt, deem an all Fach behandelt gëtt, beschreift.

Déi iewescht Klassen am Enseignement secondaire classique

D'Classe polyvalente (4^e ESC) soll dat Wëssen, wat de Schüler sech erschafft huet, festegen an en op eng vun den aacht Sektionen orientéieren. Ausser fir Latäin ass de Programm fir all Schüler d'nämmlecht.

Um Enn vun der 4^e beréit de *Conseil de classe* zesumme mam *SePAS* d'Schüler bei der Wiel vun hirer fachlecher Orientéierung. D'Schüler kréien e schrëftlechen Avis.

D'**Spezialiséierung** vun de Studie fänkt op der 3^e ESC un, wou de Schüler, jee no senger Fäegkeeten an Interessien, eng vun den aacht proposéierte Sektionen auswilt:

- Sektoun A: Sproochen
- Sektoun B: Mathematik an Informatik
- Sektoun C: Naturwëssenschaften a Mathematik
- Sektoun D: Wirtschaftswëssenschaften a Mathematik
- Sektoun E: Konscht
- Sektoun F: Musekwëssenschaften
- Sektoun G: Human- a Sozialwëssenschaften
- Sektoun I: Informatik a Kommunikatioun

Déi Fächer, déi d'Spezialisatioun ausmaachen, huelen eng wichteg Plaz am Stonneplang an. D'Grondausbildung gëtt compléiert duerch Walfächer, déi vun enger Schoul zur anerer variéiere kënnen.

Déi iewescht Klasse vum Enseignement secondaire général

Déi [iewescht Klassen am Enseignement secondaire général](#) ëmfaasse véier Joer. An alle Fachrichtunge mécht de Schüler um Enn vun der 1^{er} ESG en Ofschlossexamen, deen op nationalem Niveau organiséiert gëtt, fir de Secondaires-Ofschlossdiplom ze kréien. Dësen Diplom gëtt dem Schüler déi nämmelecht Rechter wéi de klassesche Secondairesdiplom, esou datt hie ka schaffen oder weider studéiere goen (Héichschoul oder aner Schoul).

Den ESG bitt dës Fachrichtungen un:

- Fachrichtung Verwaltungs- an Handelswiesen
- Fachrichtung Gesondheets- a Sozialberuffer
- Fachrichtung Allgemeng Technik
- Fachrichtung Konscht
- Fachrichtung Landwirtschaft
- Fachrichtung Hotellerie an Touristik

All Fachrichtung ka verschidde Sektoune ëmfaassen.

Um Enn vun der 5^e beréit de *Conseil de classe* zesumme mam SePAS (*Service psycho-social et d'accompagnement scolaires*) d'Schüler bei der Wiel vun hirer fachlecher Orientéierung. D'Schüler kréien e schrëftlechen Avis.

Les classes supérieures de l'enseignement secondaire général 2018 - 2019

1 GCG	1 GCC	1 GSH	1 GSI	1 GED	1 GSO	1 GSE ¹	1 GIG ¹	1 GIN ¹	1 GA3D ¹	1 GSN	1 GACV ¹	1 GGH ¹
2 GCG	2 GCC	2 GSH ⁴	2 GSI	2 GED	2 GSO	2 GSE ⁴	2 GIG ¹	2 GIN ¹	2 GA3D ⁴	2 GSN	2 GACV ¹	2 GGH ⁴
section gestion	section communication et organisation	section sciences de la santé	section de la formation de l'infirmier	section de la formation de l'éducateur	section sciences sociales	section sciences environnementales	section de l'ingénierie	section informatique	section architecture, design et développement durable	section sciences naturelles	section arts et communication visuelle	section gestion de l'hospitalité
3 GCM	3 GPS	3 GSO ¹				3 GIG ¹	3 GA3D ¹	3 GSN	3 GACV ¹	3 GGH ¹		
4 GCM	4 GPS	4 GSO ⁴				4 GIG ¹	4 GA3D ⁴	4 GSN	4 GACV ¹	4 GGH ¹		
section administrative et commerciale	section des professions de santé et des professions sociales	section sciences sociales				section de l'ingénierie	section architecture, design et développement durable	section sciences naturelles	section arts et communication visuelle	section gestion de l'hospitalité		
division administrative et commerciale	division des professions de santé et des professions sociales					division technique générale			division artistique	division littéraire et touristique		

Evaluéierung

D'Zensur

D'Evaluéierung miesst an zertifizéiert d'Schülerleeschtungen ëmmer zu engem spezifesche Moment. Am Enseignement secondaire classique (ESC) an am Enseignement secondaire général (ESG) baséiert se sech op Prüfungen an der Klass a Kontrollen a Form vu schrëftlechen oder mëndleche Froen, Hausaufgaben, Gruppenaarbechten asw. Jee no Fach stinn all Trimester eng, zwou oder dräi Prüfungen um Programm. Si gi mat enger Nott bewäert; d'Trimester- oder Semestermoyenne ass eng Nott op 60 Punkten. A verschidde Fächer ginn et mëndlech Tester.

D'Trimester- oder Semesternott ass d'Moyenne vun den Notte vun de Prüfungen an de Kontrollen. Dës Moyenne kann ëm véier Punkten no uewen oder ënnen ajustéiert ginn, jee no der Motivatioun an den Efforte vum Schüler.

Um Enn vun all Trimester (oder Semester) kritt den Erzéiungsberechtigte vum Schüler oder awer de Schüler selwer, wann e groussjäreg ass, eng Zensur. Dorop stinn ënner anerem

- d'Trimester- oder Semesternotten an all Fach,
- eventuell d'Moyenne vun der Klass,
- d'Fördermoosnamen am Fall vu schlechte Resultater,
- d'Feelstonnen,
- eventuell d'Behuelen am Unterricht.

Op der Zensur um Enn vum Schouljoer stinn och

- d'Joresnott vun all Disziplin,
- eventuell déi allgemeng Joresmoyenne,
- de Beschluss, ob de Schüler an déi nächst Klass kënnt,
- den Avis fir d'Orientéierung (um Enn vun der 7^e ESC, 4^e ESC a 5^e ESG).

D'Promotiounskriterie gesi vir, datt am Fall vun enger Nott ënner 30 Punkten dës Nott ënner bestëmmte Bedingunge ka kompenséiert ginn. D'Zil ass, punktuell Schwächte vun engem Schüler, dee soss gutt Notten huet, net ze penaliséieren.

De Complément au bulletin

D'Notten op 60 Punkten an d'Berechnung vun Trimester- a Joresmoyennë kënnen fir sech eleng net erëmginn, wéi staark déi eenzel Kompetenzen entwéckelt sinn. Duerfir kënnt **an den ënneschte Klassen** en Ergänzungsblatt derbäi, de *Complément au bulletin*, dat den Niveau vun den erschaafte Kompetenze fir all Beräich beschreift. Op der Zensur steet eng eenzeg Nott als Moyenne pro Fach; d'Ergänzungsblatt zur Zensur liwwert eng net an Zuelen ausgedréckten Aschätzung vun de Fäegkeete vum Schüler an de verschiddene Kompetenzberäicher, déi zu engem Fach gehéieren.

Dës Evaluéierung pro Kompetenzberäich erlaabt eng méi differenzéiert an nuancéiert Vue op dem Schüler seng Fäegkeeten, wat d'Orientéierung méi einfach mécht.

Ofschlossexamen

Um Enn vun der 1^{re} vum Secondaire classique (ESC) an dem Secondaire général (ESG) maachen d'Schüler en Examen, fir hiren *Diplôme de fin d'études secondaires* ze kréien. Mat dësem Diplom kann ee seng Studie weiderféieren, zum Beispill op eng Héichschoul goen, oder awer säi Berufsliewe starten.

Modalitéite vum Examen

Am Ofschlossexamen gi sechs Fächer gepréift, et gëtt sechs schrëftlech an zwou mëndlech Prüfungen.

Am **Secondaire classique** kann de Schüler seng sechs Fächer no dësem Schlëssel zesummestellen:

- zwee Fächer am Beräich „Sproochen a Mathematik“
- dräi Fächer am Beräich „Spezialiséierung“
- ee Fach am Beräich „Allgemengbildung“

Am **Secondaire général** wëlt de Schüler sechs Fächer no de vun der Sektoun festgeluechte Prioritéiten aus.

D'Modalitéite pro Fachrichtung a Sektoun sinn an de Broschüre beschriwwen, déi d'Prüfungskandidate kréien.

Souwuel am Secondaire classique wéi och am Secondaire général setzt sech d'Ofschlossnott vun all Examensfach zu engem Drëttel aus der Joresnott an zu zwee Drëttel aus der Examensnott zesummen. Déi mëndlech Prüfung zielt fir e Véierel an der Examensnott vum betreffende Fach.

Bei deene Fächer, déi net am Ofschossexame gepréift ginn, gëllt d'Joresmoyenne als Schlussnott. Dës Fächer gi bei der Zertifizéierung berücksichtegt an d'Nott gëtt am Diplom festgehalen.

Zertifizéierung

De Schüler kritt nom Ofschloss eng detailléiert Zertifizéierung, déi säi schoulesche Parcours dokumentéiert, seng Leeschtunge valoriséiert an him déi beschte Chancë gëtt, op der gewënschter Héichschoul ugeholl ze ginn oder de Berufswee anzuschloen.

Op dem **Complément au diplôme** ginn opgefouert:

- all d'Ofschlossnotte vun de Fächer, déi op der 1^{re} ESC an der 1^{re} ESG um Programm stoungen;
- d'Fächer, déi op 2^e ESC an 2^e ESG um Programm stoungen, awer ouni Notten;
- eng Beschreiwung vum schoulesche Wee, d'Zweckausrichtung vun der Sektoun, wéi vill Jore Sproochen a Mathematik um Programm stoungen, de Kompetenzniveau an de Sproochen an d'Zweckausrichtung vun de Fächer vun der Sektoun;
- e Certificat iwwer déi ausserschoulesch Aktivitéiten: fakultativ Coursen, Projeten oder Aktivitéiten an dat perséinlecht Engagement vum Schüler an der Schoul.

Organisatioun

Et ginn zwou Examenssessiounen, eng am Juni an eng am September. D'Kandidate mussen sech fir déi éischt Sessioun presentéieren. Fir zum Examen zougelooss ze ginn, mussen se reegelméisseg a kontinuéierlech d'Coursë besicht hunn an d'Prüfungen an alle Fächer, déi um Programm stinn, gemaach hunn.

Déi Kandidaten, déi d'Exame vun der éischter Sessioun net gepackt hunn, kënnen sech fir déi zweet Sessioun vum selwechte Joer presentéieren, wann si iwwert d'Joer eng Moyenne pondérée vun op d'mannst 36 haten an si eng Demande agereecht hunn.

Schoulpersonal

Fir de Recrutement an d'Verwaltung vum Personal vum Enseignement Secondaire ass de Staat zoustänneg. D'Personal, Fonctionnaires oder Employés d'Etat, ënnersteet dem Minister.

Zum Personal vum Lycée gehéieren nieft dem Direkter eventuell een oder méi stellvertretend Direkteren, d'Professere fir déi verschidde Fächer (Sproochen, Geschicht, Mathematik, Physik, Konscht asw.), d'Professere fir den allgemengen Unterricht, d'Léierpersonal vum der Voie de préparation, d'Léierpersonal fir spesialiséiert Coursen an Allgemengbildung, Psychologen, Erzéier, Sozialaarbechter, Bibliothekaren an Dokumentalisten asw.

Jee no Besoine gehéieren zum Personal vun de Lycéeën och Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement, an zwar op onbestëmmten Zäit, a Voll- oder Deelzäit, als Membere vum Pool vun den Ersatzléierkräften. Ausserdeem kënnen Chargés d'éducation op bestëmmten Zäit, Voll- oder Deelzäit, engagéiert ginn, fir anert Léierpersonal ze ersetzen.

Am Kader vum ëffentleche Secondaire classique a Secondaire général fir Erwuessener recrutéiert de Ministère och Formateuren an der Erwuessenebildung.

Déi folgend Ënnerrubricke beschreiwen den Zougang zur Carrière vum Enseignant-Fonctionnaire, de Poste fir Chargé-de-coursen a Formateuren an der Erwuessenebildung. Déi engleschsproocheg Eurypedia-Säite ginn eng Iwwersiicht iwwer d'Fachpersonal am Secondaire classique a Secondaire général.

Recrutement vun den Enseignant-Fonctionnaires

Den Unterricht am Secondaire classique a Secondaire général gëtt am Prinzip vun Enseignant-Fonctionnaires assuréiert. De Recrutement leeft iwwer e Concours, dee vum Ministère fir Education, Kanner a Jugend organiséiert gëtt.

D'Regierung leet all Joer d'Zuel vun de Professore, déi fir de Secondaire ze recrutéiere sinn, fest. Wéi sech d'Posten op déi verschidde Carrièren a Fächer verdeelen, bestëmmt de Minister opgrond vun de spezifesche Besoine vun de verschiddene Lycéeën.

Zouloossungsvoraussetzungen

D'Kandidate mussen dës Zouloossungsvoraussetzungen erfëllen:

- ee vun de verlaangten Diplomer hunn (kuckt ënner „Studievoraussetzungen“);
- aus engem vun den EU-Memberlänner stamen;
- am Besëtz vun den zivillen a politesche Rechter sinn;
- deene fir dës Aktivitéit virausgesate sittlechen a moraleschen Ufuerderungen nokommen;
- déi physesche a psychesche Bedingungen erfëllen, déi fir d'Ausübung vun dëser Funktioun néideg sinn;
- déi néideg Kenntneser an den dräi administrative Sproochen vum Land hunn (Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch).

Studievoraussetzungen

D'Kandidate fir d'Funktioun vum

- **Professer** (*groupe de traitement A1*) mussen e Bachelor- an e Masterdiplom hunn;

- **Professeur vum Enseignement technique** (*groupe de traitement A2*) mussen e Bachelordiplom hunn;
- **Maître d'Enseignement** (*groupe de traitement B1*) mussen e Meeschterbréif oder e Brevet de technicien supérieur hunn.

D'Zouloosungskriterie fir de Concours, deen den Zougang reegelt zum pedagogesche Stage fir d'Lycéeën, entsprechen dem Bologna-Prozess (Bachelor a Master). Allerdéngs si Kandidaten, déi verschidden aner Diplomer, Graden a Certificaten (Magister, Maîtrise, 2^e licence asw.) hunn, weiderhin zum Concours zougelooss.

Op d'mannst ee vun den Diplomer – Bachelor oder Master –, dee fir d'Funktoun vum Professeur erfuerdert ass, muss e Lien hunn zum enseignéierte Fach. De Masterdiplom, deen op de Beruff vum Enseignant am Secondaire virbereet, ass och akzeptéiert (*Lehramt, Master in Secondary Education ...*).

Achreiwung

Fir kënnen Enseignant-Fonctionnaire am Secondaire classique an Secondaire général an de Loun- a Gehaltsklassen A1, A2 a B1 ze ginn, muss een e Stage maachen, a fir zum Stage zougelooss ze ginn, de Concours packen. D'Umeldung fir de Concours geschitt op elektroneschem Wee, an zwar virum Datum, deen an der Ausschreiwung uginn ass. Fir dës elektronesch Achreiwung brauch een e LuxTrust-Certificat.

Sollt Dir keng Méiglechkeet hunn, Iech via LuxTrust unzemellen, da kontaktéiert wannechgelift d'Gestionnaire vum Concours:

Madame Ariane Ersfeld
Tel.: (+352) 247-75128

Här Paulo Micucci
Tel.: (+352) 247-75974

E-Mail: concours.epp@men.lu

Bei Ärer Achreiwung musst Dir an der Rubrik „pièces jointes“ dës Dokumenter eroplueden:

1. Dokumenter iwwer d'Studien

D'Dokumenter, déi Dir musst eraginn, sinn ofhängeg vun der Carrière, fir déi Dir Iech mellet (kuckt ënner „Studievoraussetzungen“). Déi néideg Informatiounen fannt Dir hei:

2. Dokumenter fir d'*épreuves préliminaires de langue*

Déi Persounen, déi d'Virpüfungen an de Sprooch, d'*épreuves préliminaires de langue*, scho gemaach hunn, mussen eng Kopie vun hire Resultater bäileeën. Déi aner Kandidaten kënnen, ofhängeg vun hire Studien, vun engem oder méi Sproochentester fräigestallt ginn.

Méi detailléiert Informatiounen iwwer d'*épreuves préliminaires* an de Sproochen fannt Dir an der Annex 2 [Informations épreuves préliminaires de langue](#).

Concours

All d'Kandidaten fir déi hei uewendriwwer genannte Funktiounen mussen sech am Concours qualifizéieren an e pedagogesche Stage vun dräi Joer absolvéieren.

D'Exame vum Concours gi vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend organiséiert a vun November bis Mäerz ofgehalen. D'Ausschreiwunge ginn an der Press an um Internetsite vum Educatiounsministère publizéiert.

De Concours besteet aus zwee Deeler :

- **d'Épreuves préliminaires de langues (Virprüfungen an de Sprooch : Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch);**
- **d'Épreuves de classement (Qualifizierungstester)**

De Programm fir all Fach gëtt an der Rubrik [Programmer an Tester](#) opgefouert. Bei Ännerunge ginn déi nei Programmer mat Zäit den ageschriwwene Kandidate matgedeelt.

Virun den Virprüfungen an de Qualifizierungstester ginn Informatiounsreuniounen organiséiert mat de respektive Juryen, wou d'Kandidaten d'Eenzelheete vun der Examensorganisatioun matgedeelt kréien.

[Pedagogesche Stage an Nominéierung](#)

Déi Kandidaten, déi den Exame gepackt an sech qualifizéiert hunn, müssen e pedagogesche Stage maachen, ier se kënnen nominéiert ginn. Dëse Stage fänkt den 1. September un. Während dëser bezuelter Stagezäit halen d'Stagiaren eng bestëmmten Zuel vu Coursen a maachen hir pedagogesch Ausbildung.

Eng Reduzéierung vun der Stagezäit kann accordéiert ginn, wann dee Betreffende schonn eng pedagogesch Ausbildung zu Lëtzebuerg oder am Ausland mat Erfolleg ofgeschloss huert oder Berufserfahrung als Enseignant am Ausland nowiese kann. D'Demande fir eng Reduzéierung vum Stage muss un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend adresséiert ginn.

De pedagogesche Stage schléisst mat engem prakteschen Examen of.

[Recrutement vu Chargés d'éducation a Chargés d'enseignement](#)

Zënter dem Schouljoer 2016/2017 sinn d'Astellungs- an d'Aarbechtsbedingunge vun de Chargé-de-coursen, de Chargés d'éducation an de Chargés d'enseignement fir de Secondaire classique an de Secondaire général am [Gesetz vum 23. Juli 2016](#) iwwer d'Schafung vun engem Ersatzpool vun Enseignantë fir d'Lycéeën festgeluecht.

Dat geännert Gesetz vum 29. Juni 2010 iwwer en Ersatzpool vu Chargés d'enseignement fir déi klassesch an technesch Lycéeën ass zwar opgehuewen, gëllt awer nach fir déi agestellten Enseignanten, déi virum 1. Oktober 2015 op onbestëmmten oder bestëmmten Zäit engagéiert goufen; eenzeg Ausnam ass hei den Artikel 12, dee vum Schouljoer 2016/2017 un net méi a Kraaft ass.

Fir deem entgéintzewierken, datt net genuch zertifizéiert Léierpersonal an de Lycéeën zur Verfügung steet, dat net besate Schoulstonnen oder d'Betreiung vun Aktivitéiten kann iwwerhuelen, déi weder vun de Fonctionnaires, Kandidaten, Stagiaire-Fonctionnaires nach vun den Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation op onbestëmmten Zäit an déi schonn engagéiert Chargés d'enseignement kënnen assuréiert ginn, kann de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend Chargés d'enseignement op onbestëmmten Zäit recrutéieren, a Voll- oder Deelzäit (75 % oder 50 %), allerdéngs nëmmen an der Limit vum de Posten, déi vum Budgetgesetz op d'Joer accordéiert ginn.

D'Kandidate fir e Poste vun engem Chargé d'enseignement op onbestëmmten Zäit müssen aus engem Memberstaat vun der EU kommen.

Fir an de Groupe de traitement A1 agestuuft ze ginn, müssen d'Kandidaten

- e Bachelor*- an e Masterdiplom* hunn, deem am Register vun den Héichschouldiplomer agedroen ass.

De Groupe de traitement A gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Däitsch, Englesch, Spuenesch, Franséisch, Geschicht, Italienesch, Latäin, Lëtzebuergesch;
- Biologie, Chimie, Géographie, Mathematik, Physik
- Agronomie/landwirtschaftlech Methoden, Architektur, Elektrotechnik, Génie civil, Vermessungswiesen, Hortikultur, Mechanik asw.
- Kommunikatioun, Informatik, Pédagogik, Soziologie, Gesondheetsberuffer: Infirmier; Politikwëssenschaften, logopedeschen Unterricht
- Wirtschafts- a Sozialwëssenschaften
- Konscht, Musek, Sport

Fir an de Groupe de traitement A2 agestuuft ze ginn, mussen d'Kandidaten

- de Bachelordiplom* hunn, deem am Register vun den Héichschouldiplomer agedroen ass.

De Groupe de traitement A2 gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Gesondheetsberuffer: Infirmier, Sekretariat, Educateur gradué, Hotelmanagement.

Fir an de Groupe de traitement B1 agestuuft ze ginn, mussen d'Kandidaten:

- e Meeschterbréif* oder e Brevet de technicien supérieur* hunn.

De Groupe de traitement B1 gëtt fir dës Fächer applizéiert:

- Holzveraarbechtung, Metallveraarbechtung, Ausbildung zu de Beruffer vum Daachdecker, Coiffer, Usträicher, Heizungs- a Sanitärinstallateur, Elektriker, Elektroniker, Mechatroniker, Autosmecanicien, Karosseriebauer, Lackéierer/Debosseleur, Mecanicien fir Landmaschinnen a landwirtschaftlecht Material, Bäcker-Pâtissier oder an der Gastronomie asw.

(*oder een als equivalent unerkannten Diplom/Brevet)

Si mussen ausserdeem déi **dräi administrativ Sprooche vum Land beherrschen**, d. h. Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch.

Während den dräi éischten Déngschtjore muss de Chargé d'enseignement un enger vum IFEN (Institut de formation de l'éducation nationale) organisierter Formatioun deelhuele. Ofgeschloss gëtt dës Formatioun mat enger Prüfung vun de Kenntneser an engem Rapport iwwer déi fachlech Eegnung vum Kandidat.

Fir Léierpersounen ze ersetzen, déi nëmme fir kuerz Zäit ausfalen (Congé de maternité, Elterecongé ...) an deenen hir Stonne weder vun de Fonctionnaires, Kandidaten, Stagiaire-Fonctionnaires nach vun de Chargé-de-coursen, Chargés d'éducation op onbestëmmten Zäit a Chargés d'enseignement kënnen iwwerholl ginn, kann de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend **Chargés d'éducation op bestëmmten Zäit** recrutéieren, a Voll- oder Deelzäit (75 % oder 50 %).

D'Kandidate fir e Posten als Chargé d'éducation op bestëmmten Zäit mussen aus engem Memberstaat vun der Europäescher Unioun kommen an déi nämmelech Studiedingungen erfëllen wéi d'Chargés d'enseignement op onbestëmmten Zäit.

Si mussen ausserdeem **op d'mannst zwou vun den dräi administrative Sprooche vum Land beherrschen**.

(D'Loun- a Gehaltsklass vum Chargé d'éducation op bestëmmten Zäit ass maximal déi vun där Léierpersoun, déi ersat gëtt, trotz den uewe genannte Bedingungen.)

De Bewerbungsformulaire fir e Posten als Chargé d'éducation op bestëmmten Zäit a Chargé d'enseignement op onbestëmmten Zäit an engem Lycée classique oder général kann hei erofgeluede ginn.

Recrutement vu Formateuren an der Erwuessenebildung

Am Kader vum Secondaire classique a Secondaire général fir Erwuessener recrutéiert de Ministère fir Education, Kanner a Jugend Formateuren am Enseignement théorique (A1), am Enseignement technique (A2) an am Enseignement pratique (B1).

Wéi vill Formateure fir Erwuessener am Secondaire classique a Secondaire général recrutéiert ginn, gëtt all Joer vum Regierungsrot festgehalen. D'Verdeelung vun de Posten op déi verschidde Carrièren a Fächer gëtt vum Minister fir Bildung, Kanner a Jugend festgeluecht, jee no de Besoine vun de betroffenen Institutiounen; dëst sinn:

- den *Centre national de formation professionnelle continue* zu Esch-Uelzecht an zu Ettelbréck
- den *Institut national des langues* (INL)
- d'École nationale pour adultes.

Weider Informatiounen iwwer d'Prinzipien an d'Modalitéite vum Concours fir Formateuren an der Erwuessenebildung fannt Dir um Site [GovJobs](#).